

4. 5571 - **Projet de loi portant modification 1. de l'article 14 (2) de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police; 2. de l'article 10 du Code d'instruction criminelle**

Rapport de la Commission juridique

»» **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5571 ass de 5. Mee 2006 an der Chamber vum Justizminister deponeiert ginn. De Statsrot ass a sengem Avis vum 20. Mäerz 2007 zur Schlussfolgerung komm, dass ee vun deenen zwee Articlele vum Gesetz géint e puer Texter vun der Verfassung géif verstoussen. Duerfir huet de Statsrot och e ganz neien Text proposéiert.

D'Commission juridique ass mat den Iwwerleeunge vum Statsrot d'accord gewiescht. Si huet sech also bei senger Analys vum Text op d'Propositoun vum Statsrot baséiert. Allerdéngs war d'Commission juridique der Meinung, dass den Text nach misst iwwerschafft a komplettéiert ginn. Duerfir huet se verschidden Amendementer virgeschloen, déi dozou gefouert hunn, dass den Text komplett reforméiert ginn ass. Deen Text ass de 4. Mee 2007 an de Statsrot gaangen. A sengem Avis complémentaire vum 20. Juni 2007 war de Statsrot komplett mat deem neien Text vun der Commission juridique d'accord.

De Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, schaaft d'Méiglechkeet, fir deenen 20 Persounen, déi am Joer 2002 vun der Regierung an de Service de Police judiciaire agestellt si ginn, d'Attributiounen vun Officier de Police judiciaire ze ginn. Déi 20 Persounen sinn an der Carrière supérieure an an der Carrière moyenne, awer och als Employé agestellt. Si schaffen an deene méi technesche Servicere vun der Police, wou se fir d'Enquêteuren eng materiell Hëllef duerstellen.

Dës Situatioun ass awer net ganz zefriddestellend, well déi Persounen kënnen net autonom, an duerfir och net effikass schaffen. D'Attributiounen an d'Kompetenze vun deene Persounen si gesetzlech net festgeluecht. Dat féiert och dozou, dass déi Aarbecht, déi se leeschten, an eventuell Entscheedungen, déi se mathëllefen erbäizeféieren, juristesches gesinn zu Contestatiounen kënnen féieren an eng juristesche Onsécherheet bei der Police judiciaire kënnen schafen. Et ass duerfir net méi wéi richtig, wann déi gesetzlech Basis geschaf gëtt, fir dass déi Persounen d'Qualifikatioun an d'Attributiounen vun Officier de Police judiciaire kënnen kréien.

Et ass allerdéngs keen Automatissem. Dat Gesetz hei gëtt net automatesch deenen 20 Persounen déi Qualifikatiounen an déi Attributiounen. D'Attributioun vun Officier de Police judiciaire, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, bleift eng individuell, nominativ Décisioun vum Justizminister.

De Statsrot, deen an aneren Avisë ganz retizent ass, fir zousätzlech Postë vun Officier de Police judiciaire ze schafen, ass mam Zil vun deem heite Gesetz averstanen.

De Projet besteet aus zwee Artikelen. Den Artikel 1 ännert den Artikel 14 vum Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Police. An deem Artikel 14 gëtt de Punkt 2, Alinea 5 ofgeschaaft. Deen Artikel gesäit eng maximal Zuel vun Effektiver vir. Déi Dispositioun gëtt net méi gebraucht, well d'Effektiver an der Loi budgétaire fixéiert ginn. Duerfir kënnt elo an deenen doten Alinea deenen neien Text eran, deen also d'Méiglechkeet schaaft, fir dass déi 20 Persounen, vun deenen ech geschwat hunn, d'Attributiounen vun Officier de Police judiciaire kënnen kréien.

An deemselwechten Artikel gëtt den Alinea 6 ofgeännert. Deen huet elo virgesinn, dass den Organigramm vun der Police judiciaire géif fixéiert ginn duerch eng gemeinsam Entscheedung vum Minister vun der Force publique an dem Justizminister. Et ass just dee Punkt, deen och de Statsrot a sengem Avis contestéiert huet. Duerfir huet de Statsrot virgeschloen, dass an Zukunft den Organigramm duerch e Règlement granducal, an net méi duerch eng individuell Décisioun vun deenen zwee Ministere soll festgeluecht ginn. Dat ass also d'Ännerung, déi am Alinea 6 virgeholl gëtt.

Den Artikel 2 ännert den Artikel 10 vum Code d'instruction criminelle. Dësen Artikel zielt déi Persounen op, déi d'Attributiounen vun Officier de Police judiciaire hunn. Déi Ännerung ass noutwendeg ginn duerch d'Ofännerung vum Artikel 14 vum Police-

Gesetz. Doduerch, dass do zousätzlech Persounen kënnen Officier de Police judiciaire ginn, muss och den Artikel 10 vum Code d'instruction criminelle ofgeännert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Commission juridique ass mam Rapport a mam Text eestëmmeg averstanen. Ech géif also och der Chamber proposéieren, deen Text an där Form ze stëmmen, wéi d'Commission juridique et proposéiert huet. Ech bréngen och heimat den Accord vu menger Fraktioun.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Wëllt nach een eppes zum Fong vun dësem Projet soen? Här Bettel!

Discussion générale

»» **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech soen och kuerz Merci fir de Rapport. Ech wëll just soen, an dat hu mer net nëmme scho vum Conseil d'État gesot kritt, mä den Här Meyers ass och ee vun deenen, déi ëmmer répétéieren, dass d'Qualitéit vum OPJ net soll hei an deem Land eng Qualité générale ginn, déi esou vill Beamte kréien. Dat heescht, hei kréie mer nach eng Kéier eng Qualitéit vun den OPJ. Si si berechtegt an deem heite Fall. Mä et soll een awer évitéieren, dass een ëmmer méi OPJen an deem heite Land kritt.

»» **M. le Président**.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

»» **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, ech mengen, dass dat doten ëmmer en delikate Punkt ass, net esou séier no baussen, mä éischter no bannen an der Verwaltung, well notament dat Personal, wat iwwert den traditionelle Wee vun der Polizei-Rekrutéierung gaangen ass, ëmmer insistéiert huet, dass u sech och déi Funktioun vum OPJ prioritär sollen eigentlech deenen dote Carrière virbehale bleiwen.

Ech gesinn awer an - an an der Vergaangenheet sinn och schonn Exceptiounen gemaach ginn -, dass et sech hei ëm eng Noutwendegkeet handelt, wann ee wëllt eng effikass Aarbecht am Kader vum Service de Police judiciaire garantéieren, dass do méi e grouse Kreese, also och Leit, déi eben zum Zivilpersonal gehéieren, déi dote Qualitéit musse kréien.

Nach mengen ech, an do géif ech éischter an déiselwecht Richtung goen, wéi mäi Virriedner dat gemaach huet, ass et eng Suerg, déi mer scho bei der Diskussioun vun anere Projeten haten, dass mer feststellen, dass a ganz ville sektorielle Beräicher technescht Personal vun eenzelne Statsverwaltungen, déi net Polizeiverwaltunge sinn, regelméisseg gewësse Pouvoire kritt. Pouvoiren, déi och gläichzesetze si mat engem Officier de Police judiciaire an deem spezifesch Beräich, wou se d'Kompetenzen natierlech hunn.

Mir hunn den Androck gehat, dass éischstens momentan offensichtlech kee méi richtig den 100%egen Iwwerbléck huet, duerch wivill Spezialtexter eigentlech esou Pouvoire festgeluecht ginn. Duerfir hate mer de Wonsch geäussert, dass d'Regierung eis eng Kéier géif eng détailléiert Lëscht gi vun all deem Personal, wat déi Qualitéit als OPJ huet.

Gläichzäiteg verbanne mer domat de Wonsch, dass déi Leit, déi déi dote Qualitéit hunn, och speziell forméiert ginn, well sech jo dorunner eng ganz Rëtsch vu Contrainten ophalen. Ech mengen, déi Leit, déi déi dote Qualitéit hunn, wa se an där Qualitéit do agéieren als Verwaltungsmember, ënnerleien anere Regeln, anere Prozeduren, wéi wa se einfach nëmmen als normaalt Verwaltungspersonal Handlungen duerchféieren.

Duerfir also de Wonsch vun eiser Fraktioun, nach eng Kéier réitériert, fir op deem dote Punkt ze probéieren, iwwert deen heite Beräich eraus dat Ganzt ze harmoniséieren an och deene concernéierte Leit eng speziell Formatioun unzebidden.

»» **M. le Président**.- Merci, Här Bodry.

Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5571 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-

weis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

5. **Ordre du jour**

Dir Dammen an Dir Hären, de Grupp vun deene Grénge freet mech, wéi et mat der Motioun ass, déi den Här Braz gëschter déposéiert huet, ob déi dës Woch op den Ordre du jour geholl gëtt. Wa jo, wéini. A wéini dass se soll diskutéiert ginn.

Här Braz?!

»» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Et ass déi Motioun iwwert d'Ausso vum Premier an der Pressekonferenz vum Regierungsbriefing. Vu dass sech offensichtlich nach net konnt mat der Motioun ausenanergesat ginn, géife mer proposéieren, dat muer de Mëtteg ze maachen. Dann hunn d'Fraktiounen och nach Zäit, eng Kéier ënner sech driwwer ze schwätzen.

»» **M. le Président**.- Wat soen déi aner Fraktiounen zu där Propositoun vum Här Braz?

Et ass keng Oppositioun zur Propositioun vun Iech, Här Braz. Dann denken ech, dass d'Chamber domadder d'accord ass. Mir diskutéieren déi Motioun also muer de Mëtteg.

Mir kommen elo zum nächste Projet de loi. Dat ass de Projet 5679 iwwert d'Magistraten. Den honorabelen Här Patrick Santer ass de Rapporteur, an hien huet och elo d'Wuert fir de Projet ze presentéieren.

6. 5679 - **Projet de loi**

1. relatif au stage des magistrats et futurs magistrats étrangers, et

2. portant modification de:

- la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

- la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

Rapport de la Commission juridique

»» **M. Patrick Santer** (CSV), *rapporteur*.- Bei dësem Projet de loi geet et drëms, de Kader ze schafen, an deem auslännesch Riichter, ob se Titulaire oder Stagiaire sinn, op engem Lëtzebuerger Geriicht oder op engem Lëtzebuerger Parquet e Stage kënnen maachen. Um Niveau vun der Europäescher Unioun ass nom Studentenaustausch-Programm Erasmus en Austauschprogramm och fir Riichter op d'Bee gesat ginn. An deem soll et Riichter aus engem Memberstat erlaabt ginn, fir e Stage um Geriicht oder Parquet oder an enger anerer Institution an engem anere Memberstat ze maachen. 400 Austosch si fir dëst Joer geplangt. Virun zwee Joer waren et der nëmmen 173.

Et muss een och ervirhiwen, datt Lëtzebuerg Member ass vum Réseau européen de Formation judiciaire, eng belsch A.s.b.l., déi d'Fuerderung vun engem europäesche Formatiounsprogramm fir d'Riichter als Zil huet. Dës Formatioun wäert och duerch déi géigesäiteg Erfahrungen, déi esou konnte gesammelt ginn, an dat Vertrauen, dat esou konnt opgebaut ginn, wesentlech zum Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unioun bäidroen.

Här President, de System, wéi en am Projet de loi virgesinn ass, ass deen heiten. D'Autoritéit, vun där den auslännesche Riichter ofhänkt, stellt eng Demande beim Lëtzebuerger Justizminister. Also, den auslännesche Riichter ka selwer direkt keng Demande stellen. Déi Demande muss iwwer seng Autoritéit lafen. Wann de Justizminister déi Demande unhëlt, wäert de Procureur général d'État fir d'Judiciaire-Geriichter an de President vun der Cour administrative bei de Verwaltungsgeriichter deen auslännesche Riichter op e Geriicht oder Parquet affektéieren.

Den auslännesche Riichter huet dann och e Serment ofzeleeën. Hien huet während sengem Stage keng Décisiounsgewalt. Hie ka beim Délibéré participéieren, also derbäi sinn. Hie ka Recherché maachen. Hie kann Noté schreiwen. Mä hien huet keng Décisiounsgewalt bei den Uerteeler oder do, wou en affektéiert ass. De Stagiaire ënnerläit och dem Secret professionnel vum Artikel 458 vum Code pénal.

De Statsrot hat zu dësem Projet keng Observatioun ze maachen. D'Commission juridique war och unanime fir dës Projet; d'CSV-Fraktioun och.

Ech soen Iech Merci.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien.

»» **M. le Président**.- Merci, Här Santer. Ech gesinn, dass d'Fraktiounen alleguerten den Ausféierunge vum Här Santer zoustëmmen. Duerfir kënnen mer direkt zum Vote vum Projet kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5679 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Adendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur d'Diskussioun vum Pro-jet de loi 5670 iwwert d'Douane. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert!

7. 5670 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 portant organisation de l'Administration des douanes et accises

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5670 gesäit d'Reconversioun vun acht Poste vun der Douanesverwaltung vun der ënneschter Carrière, dat heescht vun der Carrière vun den Expéditionnaires, an acht Poste vun der mëttlerer Carrière vun därseiwlechter Verwaltung vir.

Wéi kout et zu dësem Projet? Duerch e Règlement vun der Europäescher Unioun sinn d'Länner vun der Unioun forcéiert, obligéiert, fir an hirem Land e Rapport iwwert d'Sécherheet vun hire Flughäfen opzestellen. Doropshin huet eis Regierung en nationale Comité iwwert d'Sécherheet vun der Zivilaviatioun agesat, fir d'Stärkten an d'Schwächte vun der Sécherheet op eise-m Flughäfen ze analyséieren.

Dëse Comité kout zur Schlussfolgerung, datt besonnesch um Niveau vun der Manu-tentioun vum Fret, dat heescht vun de Wue-ren, verschidde Mängel an der Sécherheet vun Flughäfen festgestallt konnte ginn. Hie schléit dann och vir, datt déi Mängel be-huwe ginn, a besonnesch fir d'Douanes-verwaltung schléit e vir, eng gréisser Ver-stärkung vun hirem Personal - besonnesch um qualitative Plang - virzegesinn.

Dee Comité mécht dann och e puer Recom-mandatiounen, wat déi nei Missiounen vun der Douane op dem Flughäfen sollte sinn. Dat sinn eng Rei vu Missiounen, déi beson-nesch dem Profil vun engem Beamte vun der mëttlerer Carrière entspriechen.

Well den Numerus clausus vun dem Bud-getsgesetz fir dëst Joer eng Verstärkung vun der Douane vun acht Beamten op dem Niveau vun der Carrière inférieure virgesinn huet, huet d'Regierung decidéiert, fir déi acht Beamte vun der Carrière inférieure a Beamte vun der Carrière moyenne ëmze-deefen, fir esou de Recommandatiounen vun dem Comité national nozekommen.

De Statsrot an och d'Chambre des Fonc-tionnaires et Employés publics hunn en Avis zu dësem Rapport ofginn. Ech wëll hei net verheemlechen, datt déi Avisen net ze vill Begeeschterung fonnt hunn.

D'Chamberskommissioun huet de Projet an och d'Avisen an zwou Sëtzungen analy-séiert an huet an der Réunioun vum 3. Juli mäi Rapport unanimement ugeholl. Si schléit och der Chamber vir, fir de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit, an ech bréngen och domat den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Voilà, ech soen dem Rapporteur Merci. Wa kee méi quant au fond eppes zu deem Projet ze soen huet, da géif ech proposéieren, dass mer zur Of-stëmmung kéimen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5670 ass eestëmmeg uge-holl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Mar-

tine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ro-ger Negri);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel-minger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Lo-schetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zu der Diskussioun vum Projet de loi 5570, engem Sozialofkommes tëschent Lëtzebuerg a Frankräich. Rap-por-teur ass hei den honorabelen Här Romain Schneider, deen de Projet presentéiert. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Jo, also ech mengen, mir géifen d'Diskus-sioun vun deenen zwee Projeten, deem vum Sozialofkommes mat Frankräich an deem vum Sozialofkommes mat Marokko, an en-gem Jet maachen. Voilà, Här Schneider, dann hutt Dir d'Wuert, fir déi zwee Projete virzustellen.

8. 5570 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République française sur la sécurité sociale

- du Protocole additionnel relatif au recouvrement des cotisations et contributions de sécurité sociale et à la répétition des prestations indu-ment versées

signés à Paris, le 7 novembre 2005

et

5705 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Gouvernement du Grand-Du-ché de Luxembourg et le Gou-vernement du Royaume du Maroc, signée à Luxembourg, le 2 octobre 2006

Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider (LSAP), rap-porteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mer géifen dann zu zwou Kon-ventiounen kommen an der Matière vun der Sécurité sociale. Déi eng ass en Ofkommes mat Frankräich an déi zweet ass en Of-kommes mat Marokko.

Ech géif ufänke mat dem Projet 5570, esou wéi et virgesinn ass, engem Ofkommes mat Frankräich, dat ënnerschriwwen gouf zu Paräis de 7. November 2005, dat dé-poséiert gouf vum Ministre des Affaires étrangères de 4. Mee 2006 an zu deem de Conseil d'État den 22. Mee 2007 säin Avis ginn huet.

Mir hunn an der Chamberskommissioun do-riwwer diskutéiert, wou ech den 22. Mäerz Rapporteur genannt gouf, a mir hunn den Avis vum Conseil d'État gekuckt an deem och Rechnung gedroen. Ech ginn herno nach eng Kéier kuerz dorobber an. An eiser Réunioun vum 5. Juli 2007 hu mer unanime dës Konventioun akzeptéiert.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi? Bon, et ass éischstens, fir d'Relatiounen

tëschent Frankräich a Lëtzebuerg an der Matière vun der Sécurité sociale nach ze verbessern. Dës Relatiounen si jo geregelt iwwert de communautairë Règlement 1408/71 iwwert déi ganz Sécurité sociale, dee ganz bekannt ass, wat d'Travailleurs migrants an der Union européenne ugeet.

Den Zousaz also, deen derbäikomm ass, ass virun allem entstanen, well jo e ganz grouse Flux vun Austausch besteet, an dat virun allem weinst de Grenzgänger, déi bei eis hei schaffen. Duerfir gouf et wichteg, dass Dispositions additionnelles zu deem bestehende Règlement gemaach goufen.

A wat fir eng Richtung ginn elo dës zousät-zlech Amélioratiounen? Bon, éischstens emol ass et eng Erweiterung vun den Droits au soins de santé fir déi Leit, déi eng Pensioun hunn, an dat ob se Frontaliers waren oder net, an dat hu virun allem déi Pensionéiert och fir hir Familljen, souwuel wat d'Soins médicaux betrëfft wéi och d'Soins program-més.

Zweetens geet et ëm d'Pensionsrechter. Hei gëtt och Periode Rechnung gedroen, déi se an Drëttlänner gemaach hunn, wou souwuel Frankräich wéi Lëtzebuerg eng Konventioun ofgeschloss hunn.

Drëttens ass och d'Assurance dépendance hei geregelt, eng Assurance dépendance, déi iwwregens net am Règlement commu-naulaire geregelt ass, mä déi all Kéiers tëschent de State muss geregelt ginn.

Véiertens, d'Procédure d'exécution - dat bei de Juridictiounen.

D'Kommissioun huet an dëser Diskussioun eigentlech zum Deel iwwert déi Konventioun geschwat, mä virun allem ee Problem opge-häit, wat eng ganz flott an eng ganz lieweg Diskussioun war: Dat war déi iwwert d'As-surance dépendance, wou et drëm gaan-gen ass, fir einfach ze kucken, virun allem och virun Hannergrond vum Trend, dass eng ganz Rei vu Leit an der Tëschenzäit hir Résidence kuerz iwwert d'Grenz huelen, wéi et géif ausgesi mat deenen eenzelne Ser-vice, déi da geleescht géife ginn, an hei virun allem, ob déi eenzel Réseauen da kéinten aktiv ginn oder net.

Mir hunn dat an enger flotter Form diskutéiert an och zesumme mat de Ver-trieder vum Ministère ausdiskutéiert a waren eis dëser Problematik bewosst, hunn derniewent och d'Beispill vun Däitschland mat zitéiert. Hei si mer ganz kloer zur Fest-stellung komm, wann dat de Fall sollt sinn, dass dat och kloer misst iwwer Konven-tiounen geregelt ginn. Mir sinn de Moment net der Meenung, dass dës Tendenz soll gestäipt ginn, fir virun allem och dëser Ten-denz, déi de Moment besteet, net nach méi Opdriff ze ginn.

De Conseil d'État hat am Prinzip mat deem ganze Projet kee Problem. Hien huet just den Intitulé dovu géinnert, andeem déi zwee Tireten erauskoumen, an e wollt verbessere mat engem «et» dertëschent, esou dass elo de Projet de loi heescht: «Projet de loi portant approbation - de la Convention entre le Grand-Duché de Lux-embourg et la République française sur la sécurité sociale, et - du Protocole addition-nel relatif au recouvrement des cotisations et contributions de sécurité sociale et à la répétition des prestations indu-ment versées», deen drugehaange gouf, fir einfach déi Prestatiounen, déi bezuelt ginn, déi net rechtens sinn, zrëckzekréien.

D'Kommissioun huet unanime dëse Projet och aviséiert, an ech géif mengen, dass ech och vu menger Säit aus dann den Accord vun eiser Fraktioun dozou kéint ginn.

Den zweete Projet ass de Projet 5705, dat ass e Projet, deen e bësse méi speziell ass. Dat ass en Ofkommes tëschent Lëtzebuerg an dem Kinnekräich Marokko, dat ënner-schriwwen gouf hei zu Lëtzebuerg den 2. Ok-tober 2006, hei och déposéiert gouf vum Ausseminister - dat de 15. Mäerz 2007.

De Statsrot huet och hei säin Avis den 22. Mee 2007 ginn. Ech gouf och den 21. Juni Rapporteur genannt vun dëser Konven-tioun, an och hei huet d'Chamberskommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale de 5. Juli 2007 unanime dëse Rapport akzeptéiert.

Wat ass elo den Objet vun dëser Konven-tioun? Bon, den Objet ass deen, dass et eng d'Approbatioun ass vun enger Konven-tioun, och erëm an der Matière vun der Sécurité sociale, tëschent Lëtzebuerg a Marokko. Et ass déi éischte Kéier, wou esou international Relatiounen an der Sécurité so-ciale bestinn tëschent Marokko a Lëtze-buerg, an dat virun allem fir de Vide ju-ridique hei opzehiewen, deen de Moment besteet bei der Uwendung un déi Ressortis-santé vun deenen zwee Länner.

Natierlech wennst dës Konventioun sech gréisstendeels un a stäipt sech op de

Règlement communautaire 1408/71. Si huet just eng Rei Upassungen, op déi ech eng Kéier kuerz wäert agoen.

1408/71 begräift, wéi gesot, d'Assurance maladie, d'Assurance accident, d'Assu-rance pension souwéi och d'Veillesse, d'In-validitéit an d'Survie, wéi selbstverständlech och d'Prestations de chômage an och d'Prestations familiales. Et ass awer och hei virun allem déi éischte Kéier, dass en inter-national Instrument besteet, wat d'Assu-rance dépendance betrëfft, mat engem Land, dat net Member vun der Eu-ro-päescher Communautéit ass. Dat ass e bëssen eng speziell Saach an dëser Kon-ventioun.

De Champ d'application wennst sech da ganz kloer natierlech un d'Lëtzebuurger an och un d'marokkanesch Ressortissanten, déi op engem vun deenen zwee Territoirë wunnen, an e wennst sech dann natierlech och un d'Membere vun hirem Famill an un d'Hannerbliwwen. Derniewent ass dann eben déi Saach bäikomm, dass Lëtzebuerg nach eng Deklaratioun hannert d'Konven-tioun gehaangen huet, wou d'Marokkaner net domat d'accord waren, dass och dës Dispositiounen géife spillen, egal wat fir eng Nationalitéit d'Persounen hätten an deem Land wou se sinn.

Dunn huet awer de Statsrot, deen dës Deklaratioun gekuckt huet, gesot, dat dote wier net méiglech, dass mer un eng Kon-ventioun, déi vu béide Säiten ënnerschriw-we wier, nach géifen eng unilateral Dekla-ratioun hannendrunhänken, esou dass d'Kommissioun sech deem och ugeschloss huet an dës Deklaratioun aus dem Projet de loi elo erausgeholl huet, well mer och der Meenung sinn, dass Lëtzebuerg sech un dës Spillregelen, déi an der Europäescher Communautéit virgesi sinn, hale muss.

Wat heescht elo dës Konventioun? Wat sinn déi eenzel Chapteren dovun?

Deen éischte Chapitre begräift virun allem dee vun der Égalité de traitement, dee vun der Exportatioun vun de Prestatiounen souwéi och der Totalisatioun vun de Péri-odes d'assurance, dat fir herno d'Pensioun ze berechnen.

Deen zweete Chapitre geet éischter op d'Législatioun an a wat fir engem Land d'Aarbechter ganz einfach schaffe respek-tiv hir Activité professionnelle exercéieren.

Deen drëtte Chapitre behandelt dee ganze Volet vun der Assurance maladie a mater-nité.

Dann de Chapitre 2, dee virun allem och nei ass als en internationaalt Instrument, dee vun der Assurance dépendance, nei, wéi gesot, mat engem Land, dat net Member vun der Europäescher Unioun ass.

An dann de Chapitre 3, dee virun allem d'Berechnung, de Calcul vun den eenzelne Pensiounen, déi méiglech sinn, ganz genau definéiert.

Beim Chapitre 4 komme mer un d'Presta-tions forfaitaires, déi accordéiert gi bei en-gem Stierfall respektiv dann och natierlech bei de Frais du funérail, déi do ufalen.

Am Chapitre 5 schwätze mer vun där ganzer Matière Chômage, wou hei och kloer festgehalten ass, dass selbstverständlech net ka spillen, dass eng Exportatioun vun de Rechter, dat heescht mat deene sou-genannten E303, net méiglech ass, dass déi Perioden, déi am Land prestéiert ginn, awer mat a Besuch kënnen geholl ginn, fir d'Périodes de stage bei deenen eenzelne Gesetzgebungen, sief et hei zu Lëtzebuerg oder a Marokko, ze erfüllen.

De Chapitre 6 ass dee vun de Prestations familiales, wou e bëssen och eng Spezifis-sitéit dran ass, dass hei kloer festgehalten ass, dass dat sech all Kéiers och applizéiert, op där Plaz, wou d'Kand och effektiv wunnt, wou et also seng Résidence huet.

De Chapitre 7 schwätzt vun den Accidents du travail an de Maladies professionnelles, déi geregelt gi sinn.

An de quatrième Titre vun der Konventioun regelt am Prinzip verschidden divers Dispo-sitiounen, déi nach bestinn, souwéi natier-lech och d'Entrée en vigueur vun dësem Gesetz.

De Conseil d'État huet dëse Projet de loi och positiv aviséiert, mä huet ebe just d'Re-marque gemaach mat där Deklaratioun, déi mer drugehaangen haten, wou mer och deem Rechnung gedroen hunn an dës och elo an dësem Projet de loi ewechloossen. An deem Sënn géif ech och proposéieren, dass mer dës Konventioun stëmmen kënnen, esou wéi se elo virgesinn ass am Projet de loi. Ech géif dann och mengersäits den Ac-cord vun eiser Fraktioun dozou ginn.

Merci.